



HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission des chemins ruraux et forestiers

Reunioun vum 5 Mäi 2021 an der Koll

Present: CAMPILL Georges, ERPELDING Serge, HEINZ Joe, HENSEL Jean, HERREN Joël, KOEPP Carlo, LESCH Luc, SCHARTZ Arlette, SPLICKS Emile, WESTER Charel

Entschëllegt: MOREIRA-CARDOSO Carlos

Absent: HOFFMANN Marc, LOSCH Gilles, NOESEN Henri, RIEDEL Daniel, SCHWITZ Johny,

Bericht: Carlo Koepf

1) Dagesuerdnung

De Serge huet bei der Erëffnung vun der Sëtzung den eenzegen Punkt op der Dagesuerdnung präsentéiert.

Et giong em 'Demande d' Avis' déi eise Buergermeeschter den 16ten Abrëll iwwer Mail un eis Kommissioun geschéckt huet. Dobäi geet et em de Projet vun der Gemeng Useldeng fir den "alen Useldenger Wee" tëschent Bëschdref an Useldeng fir den Duerchgangverkéier ze spären an dat mat hëllef vun enger Schikan (Barrikad) op der Useldenger Säit vum Wee. (Säit 1 an der Annexe).
Den am Bréif mentionéierten aneren Feld- a Vëloswee vun Useldeng op Schweebach, betrëfft eis net.

Vu dat de Baus Ben demissionéiert huet gouf gefrot op een bereet ass de Rapport ze schreiwen. De Carlo huet emol fir dës Kéier iwwerholl.

Remark: Eng kloer Definitioun vum Riverain (Anrainer op Däitsch, Resident oder Urainer op lëtzebuergesch) gëtt et net. Am Prinzip sinn awer Persounen oder Firmaen, op Proprietären oder am Opdrag vun hinnen, "Accès berechtig" déi een Terrain oder eng Gebailechkeet tëschent de respektiven Stroossenschëlde léien hunn.

2) Diskussioun

Vun Ufank un huet de Serge kloergestallt dat et héi ëm d' Gemengen Autonomie geet, an dat Useldeng absolut berechtegt ass déi Mesuren duerchzeféieren am Interesse vun hirer Gemeng, zemools d' Schikan op hirer Säit vum Wee läit.

Decisioun vun der Gemeng Useldeng gouf vun alle Säiten beliicht a grad wéinst der multi-disziplinärer Opstellung vun der Kommissioun koumen vill Meenungen an Iwwerleeungen zur Sprooch.

Diskussioun goug em folgend Aspekter:

- Den Zweck an d' Efficacitéit vun der Moosnam
- Zougänglechkeet fir d' Landwirtschaft, Rettungsdéngscht an Urainer allgemeng
- Sécherheet, virun allem fir d' Kanner a Vëlofuerer
- Natur an Ëmwelt
- Gemeinsamt Matenee
- Eng Moosnam och fir aner Gemengeweeër?

Zweck an Efficacitéit

D' Entscheidung vun der Gemeng Useldeng baséiert sécherlech op dem ëmmer méi héijen Duerchgangsverkéier op deenen zwee betraffenen Feld- a Vëlosweeër. D' Automobilisten respektéieren Beschëlderung net, a benotzen am groussen Ganzen des Weeër als Ofkierzung, obwuel et kloer verbueden ass doriwwer ze fueren, ausser fir Vëloen, landwirtschaftlech Gefierer, Rollschongfuerer a Reider. Et gouf an der Sëtzung bemierkt dat Polizei natierlech net d' Méiglechkeet huet do stänneg ze kontrolléieren.

Dat am Bréif vun der Gemeng Useldeng präsentéiert Beispill vun enger Schikan, warscheinlech aus der Gemeng Contern, mat zwee schwéieren Bëtongsbléck als Verengung, an engem Stolensockel an der Mëtt soll verhënneren dat Autoen driwwer resp. laanscht fueren.

- ➔ Déi pertinent Fro koug op, ob de Sockel héich genuch ass fir all SUV ze verhënneren?

Zougänglechkeet

Et gouf verstan dat Privatautoen inkl. SUV net méi sollen a kënnen duerchfueren. Trakteren an Unhänger an aner motoriséiert landwirtschaftlech Gefierer dierften am groussen Ganzen kee Problem hunn fir iwwer den Stolensockel ze fueren, ausser vläicht fir Radlueder oder änlech, déi méi déif leien. Fir grouss Méidrescher mat breedem Schneidwierk kann et tëschent den Bëtongsbléck enk ginn. Déi mussen,

och wann se wéineg am Joer fueren, ënner Ëmstänn een Ëmwee iwver Strooss CR116 oder souguer d' N12 an d' N24 a Kaf huelen fir op hir Felder ze kommen. **Dat bedeit eng méi staark Behënnerung op dësen Stroossen an och e méi héijen landwirtschaftleche Verkéier duerch déi betreffen Uertschaften Useldeng an Bëschdref.**

Sécherheet

Dës Moosnam ënnerbënnt den Duerchgangsverkéier a reduzéiert drastesch Presenz vun Gefierer op dëse Weeër. Domat erhéicht sech automatesch d' Sécherheet fir déi reguläre Benotzer, Spadséiergänger, Cyclisten asw. An der Sëtzung gouf awer ugeschnidden dat Schikan och eng Geforequell ka sinn. Bei engem Stuerz iwver de Sockel oder géint Bëtongsbléck besteet haaptsächlech fir Kanner an Cyclisten Verletzungsgefor. Mee och onvirsichtegen Automobilisten, ob legal oder net, kann do eppes passéieren. Et heescht also oppassen op dësen Plätzen, an eng Warn-Beschëlderung muss gezielt an ugepasst op d' Barrikad hiweisen.

Natur an Ëmwelt

D' Hoffnung vun der Gemeng Useldeng datt bei manner Verkéier och manner Offall op grad deenen Felder ufält deelt net jiddereen an der Kommissioun. Op de betrefene Weeër ass dat awer séier warscheinlech, dofir wäerte mer deen Dreck dann op den aneren Stroossen fannen.

Gemeinsamt Matenee

An enger Gesellschaft wou Jiddereen ëmmer méi no sech kuckt ass dat gemeinsam Matenee op dëse Weeër ganz wichteg. Beispill am Bréif vun der Gemeng Useldeng, mat der Markéierung "Mat Respekt an Héiflechkeet ass genuch Plaz fir Jiddereen" ass e gudden Hiweis dofir.

Fir déi Eng, ass d' Benotzung Fräizäit an Erhuelung, fir déi Aner ass et Aarbecht a Broutverdénst. Dat sollen Gemengen an hiren Kommunikatiounen ëmmer rëm ervirhiewen an ënnersträchen. Verschidde Kommissiounsmemberen hunn aus hiren Erfarungen erzielt. Mir hunn doropshin resuméiert wéi een sech op dëse Weeër verhele sollt, fir all Konflikt resp. Stress ze vermeiden:

- ➔ Keng Stëppselen (EarPods) am Ouer beim Spadséieren, Vëlofueren oder Reiden, fir dat een d' Motorgeräischer vu Gefierer fréizäiteg héiert, a Plaz maache kann am Respekt zum Aneren an fir déi eegen Sécherheet.
- ➔ Wa Léit um Wee sinn, sollen Chaufferen vu Gefierer hir Vitesse reduzéieren, an domat och Motorgeräischer drosselen. Dat ass fir Spadséiergänger ee kloert Zeechen a ee convivialen Gest dat de Chauffeur si gesinn huet.
- ➔ Wa Léit mat fräilafenden Hënn Gefierer resp. aneren Léit um Wee gesinn, solle si direkt hir Déieren an d' Lenkt huelen.

Applikatioun vun der Moosnam op aneren Gemengeweeër?

An der Kommissioun waren mir eis eestëmmeg eens, dat esou eng Schikan op engem Feldwee keng elegant Léisung ass, well se eben schikanéiert a well se d' reglementaire Benotzer ëmmer hënnert. Mir verstinn awer d' Grënn vun der Gemeng Useldeng an dësem spezifeschen Fall. Déi Decisioun ass jo Dat ass jo nëmmen geholl ginn wéinst dem onméiglechen Verhalen vun villen Automobilisten, déi souguer dacks dovun ausginn dat si am Recht sinn.

Grondsätzlech soll esou eng Moosnam net, oder just an kriteschen Fäll ugewannt ginn. No Aussoe vun den Kommissiounsmemberen ass hinnen keng änlech Situatioun an eiser Gemeng bekannt! Et sinn natierlech ëmmer rëm respektlos Automobilisten déi, als net Urainer, op eisen Feldweeër ënnerwee sinn.

Conclusioun an Avis

Et ass schwéier e kloren Avis ofzeginn, well mir d' Entscheidung vun der Gemeng Useldeng net kënnen änneren oder contestéieren. Duerfir nach eng Kéier am Resümme

- Gemeng Useldeng ass am Recht fir eppes géint den villen, net erlaabten Verkéier op dëse Strecken ze ënnerhuelen.
- D' Schikan mat de Bëtongsbléck an dem Stroossensockel an der Mëtt ass warscheinlech déi eenzeg Léisung. Eis ass och keng besser agefall.
- D' Schikan muss esou ausgeluecht ginn dat och d' SUV net laanscht kommen.
- Wéinst der Sécherheet, ass et wichteg dat eng gutt Beschëlderung op Presenz vun den Schikanen hiweist, well all Onfall op dësen Plazen warscheinlech direkt zum Onmutt féiert bei eenzelen an de Gemengen.
- Rettungs- resp. Sécherheetsdëngschter sollt och en Avis ofginn.
- Et ass wichteg dat Gemengen reegelméisseg an hiren Kommunikatiounen op en harmonescht an conviviaalt Behuelen hiweisen, a esouguer Reklamm maachen, fir ee flott Matenee op so Weeër ze promovéieren.

- Dat selwecht soll se och am Kader vun der Ëmwelt maachen, zum Beispill ass Sensibiliséierungs-Campagne, fir dat d' Leit an Automobilisten keen Dreck an d' Natur schmäissen.
- Et soll een generell so Moosnamen mat Barrièren, Barrikaden oder Schikanen just duerchféieren, wann et net aneschtters geet fir e séchert Matenee ze garantéieren.

PDF-Annexe: Zesummeffaassung vun der Ufro mat Pläng als Ergänzung

Nächst Sëtzung den 13 September 2021 um 20h30 an der Koll.